ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 20/01/2025

Rapport vun der Kommissioun fir de Klima a nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 11 Dezember 2024

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Patrick EVERARD Thierry EVERAD Carlo KOEPP (Rapport) Patrick KRAEMER Louis MALHERBE Louis MEYER Joske VOSMANN Carole WINTERSDORF Pascal WIRTZ	Paul MANGEN (entschëllegt) Emile SPLICKS	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 22 Oktober 2024
3. Retouren aus der Gemeng
4. Projet Repair Café
5. Bilan Ëmwelt Charta a Green Event Manifestatiounen

Helperknapp, 20/01/2025

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

9 vun 11 Memberen waren präsent.

Punkt 2 : Rapport approuvéieren

De Rapport vum 22 Oktober gouf approuvéiert

Punkt 3 : Retouren aus der Gemeng

Mir kruten 2 Retouren:

- De Projet **Repair Café** gëtt vum Schäfferot ënnerstëtzt, mee hie soll ënnert der Leedung vun der Kommissioun duerchgeféiert ginn.
- Op eis Ufro iwwert **Charta fir d' Veräiner** krute mir matgedeelt, ouni Detailer, dat 12 Veräiner ënnerschriwwen hunn. Zum Green Event leien keng Donnéeën fir!

Punkt 4 : Projet Repair Café

Leider konnt de Schäfferot an eiser Sëtzung net präsent sinn wéinst aneren Obligatiounen. Mat hirem Support (kuckt Retouren) si mir gewëllt, een éischten Repair Café z' organiséieren. Et bleiwen awer nach verschidde Froen ze klären, déi vun den Memberen ugeschnidde goufen, haaptsächlech am Beräich vun de Responsabilitéiten.

Dës Froen enthalen ënner anerem:

- Benotzung vun den Raimlechkeeten mat hiren Ariichtungen
- Den elektreschen Aarbechtsinstrumenter an d'elektresch Rallongen an de Steckdousen
- Garantien bei den reparéierten Objeten

Dës Punkten ginn nach virun dem Pilotprojet am Detail gekläert.

Déi nächst Etappen:

- No der Fuesvakanz, Enn Februar, eng Informatioun-Konferenz fir Bierger aus der Gemeng organiséieren. D'Invitatioun kann iwwer Flyeren, Buet an/oder d'Websäit erfollegen.
- Wa méiglech, potentiell interesséiert Reparateuren/tricen aus eiser Gemeng fannen. Dëse Punkt mat der CELL ofklären.
- Mëtt Mäerz den éischten Repair Café organiséieren, z.B. den 15. Mäerz an der Koll. De Sall muss nach reservéiert ginn.

Helperknapp, 20/01/2025

Den Oflaf gouf am Rapport vum 22. Oktober 2024 beschriwwen.

Punkt 5: Bilan Ëmwelt Charta a Green Event Manifestatiounen

Et feelen eis weider Informatiounen zu den 12 Veräiner déi ënnerschriwwen hunn. Ob sech nach aner Veräiner dorun interesséieren ass net bekannt.

D'Matmaachen ass een Zeechen vu Responsabilitéit beim Benotzen vun ëffentlechen Strukturen, an a wichtegt Engagement fir e respektvollt Handelen am Beräich vun der Ëmwelt an der Nohaltegkeet.

Weiderhin geet d'Ënnerschrëft vun der Charta bei den Subsiden berücksichtegt.

Wéi et no 2024 mat den Green Eventer weidergeet an op do Ännerungen kommen ass am Moment net bekannt.

Nächst Sëtzung

De nächsten Termin ass den **16 Januar um 19h00** am Veräin's Sall.

Méiglech Punkten fir Dagesuerdnung:

1. Retouren, Demanden aus der Gemeng
2. Repair Café organiséieren
3. Conclusioun Charta fir d' Veräiner

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.